



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **24 MARS 2021**
Réf. QP-23/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alf Christian, 11:48, 24/03/2021


Objet : Question parlementaire n°3698 « Maison de transition » du 23 février 2021 de l'honorable Député Paul Galles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°3698 « Maison de transition ».

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON



**Réponse commune de Madame Sam Tanson, Ministre de la Justice,
et de Madame Corinne Cahen, Ministre de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région,
à la question parlementaire n° 3698 du 23 février 2021 de l'honorable député Paul Galles
concernant les maisons de transition**

Dee Moment wou e Prisonnéier um Enn vu senger Prisongsstrof entlooss gëtt an de Wee soll zréck fannen an eis Gesellschaft ass a verschiddene Fäll eng schwéier Phas, an och gläichzäiteg eng ganz wichteg Phas, well sech dee Moment decidéiert, ob all déi Aarbecht an Efforten, déi d'Prisongsverwaltung zesumme mam Prisonnéier gemaach huet fir d'Resozialiséierung ze errechen, hir Friichte kënnen droen. An där Transitiousphas muss déi betraffe Persoun also sou gutt et geet begleet ginn, fir dass d'Zil vun der Resozialiséierung sou sécher wéi méiglech kann erreecht ginn.

Déi Begleedung an der Transitiousphas muss awer net onbedéngt duerch Transitiounshaiser realiséiert ginn.

No der Analys, wéi déi schwierig Phas an anere Länner ugaangen a gereegelt gëtt, ass 2019 decidéiert gi fir zu Lëtzebuerg keng Transitiounshaiser ze schafen, well et als eng ze grouss Gefor ugesi ginn ass, dass sou Haiser als "Prisong nom Prisong" ugesi gi wieren, an domat eng Stigmatisatioun entstane wier, déi enger reusséierter Resozialiséierung mat Sécherheet entgéint gewierkt hätt. Dofir ass decidéiert gi fir e Konzept z'entwéckelen, dass deene Persounen no enger Entloossung aus dem Prisong ka gehollef ginn, haaptsächlech wann et direkt no der Entloossung ëm eng Plaz fir ze schlofen an aner primär Besoinen geet, ouni dass déi ofgesate Prisongsstrof e Critère ass. De Prinzip soll dee sinn, dass déi Leit d'sewlecht gehollef kréie wéi aner Leit déi vergläichbar Problemer hunn, onofhängeg vun der Fro, ob et sech ëm fréier Prisonnéier handelt oder net.

An deem Sënn gëtt am Moment dru geschafft, fir déi néideg Prozeduren a Cooperatiouns-Modalitéiten zwëschen deenen zoustännege Servicer ze schafen, fir dass déi betraffe Persounen och kënnen vun deene Reseauen a Structure profitéieren, déi et haut scho fir vergläichbar éischer sozial schwaach Persoune ginn.

Déi Aarbechte sinn awer souwäit fäerdeg, sou dass de Regierungsrot an den nächste Woche misst kënnen mat dem Konzept befaasst ginn.